



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7493 vum
19. Januar 2023 vum éierewäerten Deputéierte Sven Clement iwwert "Déclaration sur l'honneur dans le
cadre des aides pour chaudières à pellets"**

**1. Firwat ass et op der *Déclaration sur l'honneur* obligatoresch, nieft dem Numm an der Adress, och
d'Sozialversécherungsnummer un ze ginn, obwuel dës fir eng richteg Zoudeelung a Verrechnung
vun den Aide net zwéngend noutwenneg ass?**

D'Zil vun der Declaration sur l'honneur ass et, wéi am Artikel 2, Paragraf 1 an Artikel 6, Paragraf 1 vum
Gesetz vum 23. Dezember 2022 iwwert d'staatlech Contributioun bei de Pellets virgesinn, sécherstellen,
dass d'Subventiounen nëmme fir Gebaier mat mindestens enger Wunnunitéit gëllen.

Fir dass de Fournisseur net muss bei all Gebai sécherstellen, ob dëst de Fall ass, gouf sech fir d'Declaration
sur l'honneur entscheet, wou d'Responsabilitéit am Fall vun enger falscher Declaratioun beim
Endverbraucher läit. Och fir de Staatsrot ass dat eng Approche déi konform ass. Fir an dësem Kontext eng
eendeiteg Identifikatioun ze erméiglechen, a gegebenefalls déi richteg Persoun ze viséiere bei enger
méiglecher Kontroll, ass déi national Matricule noutwenneg.

Dës ass och am Kontext vun anere staatlechen Hëllesregimenter eng gängeg Praxis, beispillsweis an de
Formulaire fir Aiden am Kader vum Klimabonus Wunnen ze kréien.

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie